



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale


Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3075 vum 20. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Huet d'Ministesch eng Analys gemaach, wéi vill Patient:innen vu verschiddenen Altersgruppen a mat verschiddene medezinesche Konditiounen (Diabetes, PCOS, metabolescht Syndrom, Schwangerschaftsdiabetes, etc.) aktuell Metformin verschriwwen kréien an dofir e regelméisseg Vitaminn B12-Monitoring brauchen?

Am Joer 2019 hu 26 393 Assuréen op mannst ee Mol Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf a kruten et vun der Lëtzebuerger Krankenversicherung rembourséiert. Am Laf vun de leschte 5 Joer ass des Unzuel em 28,9% geklommen a läit 2024 bei 34 030 Assuréen.

Tëscht 2019 an 2024 gëtt dee stäerksten duerchschnëttleche Wuesstem bei der Zuel vun de jonken Assurée bis 30 Joer festgestallt, dëst mat 12,4% par rapport zu 4,8% fir d'Assuréen iwwer 30 Joer.

Graphique 1: Evolutioun vun der Unzuel un Assuréen, déi op mannst ee Mol am Joer Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn tëscht 2019 an 2024




Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.

Um zweete Graphique gesäit een, dass am Joer 2024 d'Assuréen tëscht 60 an 69 Joer am heefegste Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn an dass d'Assuréen tëscht 50 a 79 Joer am ganze 74,2% duerstelle vun den Assuréen, déi Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn. D'Assurée bis 30 Joer stellen 2,1% vun all den Assuréen duer, déi am Joer 2024 Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn.



Graphique 2: Opdeelung vun der Unzuel un Assuréen, déi op mannst ee Mol am Joer Metformin an enger öffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn no Altersgrupp am Joer 2024



Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.

Op dat genannte Medikament Metformin zum “effet secondaire” vu Vitaminn-B12 Mangel féiert, ass aktuell net duerch international Recommandatiounen confirméiert. Sollten sech d’wëssenschaftlech Erkenntnisser zu dësem Thema änneren, géingen déi international Recommandatiounen ugepasst ginn. Dëst hätt dann um nationalen Niveau als Konsequenz, dat d’Remarque vum Code BC191 unzepassen wier.

Eng Analyse op d’Patienten aus de viséierte Kategorien aktuell een Vitaminn B12-Monitoring maachen, ass méiglech, mee doraus kann een net schléissen, op dat viséiert Medikament de benannten “effet secondaire” huet.

2. Wéi gëtt sécher gestallt, datt déi nei “bonnes pratiques” a “Kumulregelen” bei der BC191-Aktioun net zu Laaschte vun all dëse vulnérable Patientengruppen ginn, bei deenen e Vitaminn B12-Mangel zu schwéiere Komplikatiounen féiere kann?

Bei schwéiere Komplikatiounen duerch e Vitaminn B12-Mangel kann ee vun enger *Anémie macrocytaire* ausgoen. An esou Fäll wier d’Prescriptioun vum Code BC191 duerch een Dokter op Basis vu *signe(s)* a senger medezineschen Ënnersichunge fondéiert a giff dann eng *prise en charge* duerch Gesondheetskeess méiglech man.



3. Gesäit d'Nomenclatureskommissioun spezifesch Ausname fir Patient:inne mat chronesch Behandlung mat Metformin fir, onofhängeg vun der Gronderkrankung, fir ze garantéieren, datt néideg Kontrolle weiderhin kënne gemaach ginn, ouni dobäi zu enger grousser finanzieller Lascht vun de betraffene Patient:innen ze ginn?

Wat d'Kontinuitéit vun der *prise en charge* ubelaangt verweise mer op d'Äntwert am Kader vun der Fro 2. D'CNS huet doriwwer eraus keng Kenntnis dovun, dass Nomenclatureskommissioun eng Demande virleien hätt, fir d'*prise en charge* vu Laboratoire Analysen un d'Consommation vu verschiddenen spezifesch Medikamenter ze koppelen.

4. Gouf bei der Ausaarbeschtung vun deene "bonne pratiques" d'Expertise vun Endokrinologen, Gynékologen, Psychiateren a Generalisten agezunn, fir déi spezifesch Nofro vun all dese Patientegruppen ze berücksichtegen?

Déi vun der Question parlementaire n°2878 viséiert Mesurë sinn an enger Nomenclatureskommissioun zeréckbehale ginn a bezeien sech op international Recommandatiounen.


5. Wéi wëll d'Ministesch verhënneren, datt Patient:innen mat engem Vitaminn B12-Mangel wéinst enger Metformin-Theapie net diagnostizéiert ginn, well hir Dokterinnen aus Angscht virun engem Refus vum Remboursement manner Tester verschreiwen? Gëtt et Daten iwwer déi aktuell Verschreibungspraxis vun BC191-Tester bei Metformin-Patient:innen?

Fir den éischten Deel vun der Fro gëtt op d'Äntwerten 1 bis 3 verwisen.

De Graphique 3 weist d'Evolution vun der Unzuel un BC191 Analyse pro 1 000 Assuréeen déi op d'mannst ee Mol am jeeeweilege Joer Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn.



Graphique 3: Evolutioun vun der Unzuel u BC191 Analyse pro 1 000 Assuréeen déi op mannst ee Mol am jeeweilege Joer Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn tëscht 2019 an 2024



Quell : Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.

Am Joer 2019 goufe 477 BC191 Analyse pro 1 000 Assuréeen, déi op d'mannst ee Mol an deem Joer Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn, gemaach. Dës Zuel ass bis 2023 pro Joer an der Moyenne em 19,9% geklomm an huet 2023 e Maximum vun 947 Analyse pro 1 000 Assuréeen erreicht. Am Joer 2024 ass d'Zuel em 18,5% erofgaangen a läit bei 772 Analyse pro 1 000 Assuréeen, déi op d'mannst ee Mol an deem Joer Metformin an enger ëffentlecher Apdikt zu Lëtzebuerg kaf hunn.

6. Ass d'Regierung bereet, d'Aspuerungsmoossname beim BC191 nach emol ze iwwerpräiwen a gezielt Ausname fir zum Beispill Metformin-Patient:innen mat méi wéi 6 Méint Behandlungsdauer anzeféieren?

Upassunge wäerte gemaach ginn am Aklang mat den internationale Recommendatioune.

Lëtzebuerg, den 12. November 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez